PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/07/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft & Konsumenteschutz weiderzeleeden.

De Gesondheetsministère huet de 27te Juli ee Communiqué Juli erausginn, an deem en d'Leit warnt, kee Geméis an Uebst aus dem eegene Gaart ze consomméieren, well no den Iwwerschwemmunge Mëtt Juli vill gesondheetsschiedlech Chemikalien a Bakterien d'Uebst an d'Geméis an de Gäert kéinte kontaminéiert hunn

Wärend den Iwwerschwemmunge goufen awer net nëmme Gäert, mee och eng Rëtsch Geméis- an Uebstfelder souwéi Gréngland, iwwerschwemmt. D'Zeitung "De letzebuerger Bauer" schreift a sengem Leitartikel vum 23te Juli 2021:

> "Wegen der Verschmutzung durch Schlamm und Geröll, in schlimmeren Fällen durch Heizöl aus geborstenen Tanks, Müll oder Frachten aus überschwemmten Kläranlagen, kann das Futter (Gréngland) nun nicht mehr benutzt werden."

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Konnt de Landwirtschaftsministère scho feststellen, ob och d'Geméis- an Uebstfelder hei am Land vun esou Kontaminéierunge betraff sinn?
2. Goufe schonns Liewensmëttel aus dem Verkéier gezunn, déi am Zesummenhang mat den Iwwerschwemmunge kontaminéiert gi sinn?
3. Wäerten an nächster Zäit verstäerkt Liewensmëttelkontrollen duerchgefouert ginn, fir Risike fir de Konsument kënnen ze minimiséieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député